# D‘Meedchen ouni Stëmm

06.12.2007

| | |
|---|---|
| **Alter:** | vo 4 Joer aan |
| **Spiller:** | 2 – 4 |
| **Dauer:** | 7 – 10 Minutten |
| **Zil:** | dee gëldige Villchen aus dem Käfig befreien |
| **Prinzip:** | Würfelspill |
| **Autorin:** | Blanche Kails 06.12.2007 |

| | |
|---|---|
| **Material:** | 1 Spillplang |
| | 1 Würfel (1 – 6) |
| | 2 – 4 Däppercher (rukt, giäll, gréin a blo) |
| | 2 – 4 Platzscheiwen (rukt, giäll, gréin a blo) |
| | 20 Käfigstangen (Fiksping oder Zännstëppler) |
| | 20 Joker-Scheiwen (giäll Scheiwen oder Knäpp) |

| | |
|---|---|
| **Start:** | op dem Meedchen |
| **Ziel:** | op dem Villchen an der Mëtt |

**Virbereedung:** All Spiller wiällt seng Faarf. Den Däppche setzt heen op d‘Meedchen an d‘Platzscheif leet heen no bäi sich, fir datt heen seng Spillfaarf besser behält.
D‘ Käfigstange ginn an d‘Mëtt vom Spillplang op de Villche gelaacht. Bäi 2 Spiller ginn 10 Stangen op de Villche gelaacht, bäi 3 Spiller 15 Stangen a bäi 4 Spiller 20 Stangen.
D’Joker-Scheiwe ginn niäwwent de Spillplang gelaacht.

**Spillverlof:**
Et gët der Rei no rondrëm gewürfelt, sou wéi d’Zäre von der Auer dréien.
Weist de Würfel <u>**1 – 5**</u>, da réckelt de Spiller sou wäit, wéi de Würfel weist.
Weist de Würfel <u>**6**</u>, dann duërf de Spiller nët réckelen. Heen hëllt sich eng Joker-Scheif a leet së viraan sich op den Dësch.
Kënnt de Spiller op eng <u>**„Fee“**</u>, dann hëllt heen eng **Käfigstang** a leet së viraan sich op den Dësch. De Villchen ass e bësse méi fräi.
Kënnt de Spiller op ee <u>**„Käfig“**</u>, da muss heen eng **Stang zréck** an d‘Mëtt vom Spillplang leeën. De Villchen ass e bësse méi agespaart. Wann de Spiller, deen om „Käfig“ steet, <u>eng Joker-Scheif</u> hatt, kann hee wiällen, ob heen eng **Stang op de Käfig hannich leet oder eng Joker-Scheif** afgët. Wann heen nëmmen eng Joker-Scheif hatt, mä keng Stang, kann heen d’Scheif behalen. Wann heen näist hatt, kann heen näist afgiänn.
Op <u>**engem Feld**</u> ka **méi wéi ee Spiller** stoen. Rauswerfe gëlt nët!
Ween an d‘<u>**Mëtt**</u> op de <u>**Villche**</u> kënnt, sugar wann de Würfel méi Punkte weist, dee kann all Käfigstange huëllen, déi nach om Villche leien.

**Schluss** ass, A) wann ee Spiller an der Mëtt op dem Villchen aakommen ass, oder
B) wa virdraan dee ganze Käfig fräi ass, wann all Käfigstangen afgeraumt sënn.

**Gewonnen** ass, ween am meeste Käfigstange gesammelt hatt.